







Nodeems mir zwee Joer laang net konnten op Saulxures fueren war et dann dëst Joer erëm esouwäit an mir sinn fir een Weekend an d´Vogesen gefuer wou mir um Lac de la Moselotte mat der Méck fëschen wollten. Haten mir an der Vergaangenheet op dëser Plaz schonn esou munch Wiederkapriolen mat erlieft esou haten mir et dës Kéier awer gutt mam Fréijoerswieder, oder soen mir direkt mam Summerwieder erwëscht ewell mir haten dräi Deeg laang dat schéinsten Wieder mat Temperaturen déi den drëtten Dag bis un 30° Grad erun gereecht hunn.Dat huet awer mat sech bruecht dass d´fëschen schwéier ....... ganz schwéier war wou dobäi och nach Vollmount war. Mir fueren elo schonn zanter enger klenger Éiwegkeet op Saulxures mee esou schwéier ewéi dëst Joer war et awer nach Nie fir Fësch ze fänken. Erschwéierend kënnt dann och nach dobäi dass vill geféscht gëtt um Lac de la Moselotte wat mat sech bréngt dass d´Fësch ganz virsiichteg sinn. Natierlech waren eis Fëscher dann och net begeeschtert an esou muncher Een ass Owes mat engem laangen Gesiicht agetraff. Ech selwer konnt den éischten Dag nëmmen een Fësch fänken an hat den zweeten Dag iwwerhaapt keen gefaangen. Zum Gléck konnten mir eis awer ënnereneen austauschen esou dass deen een oder aneren gudden Rotschlo mir jiddwerfalls weider gehollef huet an ech Sonndes Moies an zwou Stonnen nach ee puer schéin Forellen fänken konnt.

Den éischten Owend waren mir an de Restaurant iessen deen sech um Site selwer befënnt an wou een gutt ze iessen kritt. Iwwerhaapt muss een soen dass déi zwee Joer wou mir net konnten dohinner fueren vill um Site geschafft ginn ass, den Acceuil befënnt sech elo op enger anerer Plaz an entgéint den Schwieregkeeten déi mir op aneren Plazen hunn fir d´Fëscherei ze reservéieren huet et zu Saulxures problemlos geklappt. D´Chaleten sinn och an engem top Zoustand esou dass mir dräi formidabel Deeg konnten do verbréngen.






Den zweeten Owend haten mir och erëm eisen Grillowend deen bei dëser Sortie einfach dozou gehéiert an fir mech ëmmer een vun den schéinsten Momenter vun dëser Sortie ass. Eisen President den Jeek mécht sech ëmmer eng grouss Éier n vill Aarbecht draus fir den Grillowend ze organiséieren, heifir gëtt ëmmer een Zelt opgeriicht an mat Bänken equipéiert, dernieft ass et och een groussen Opwand fir esou vill Leit ze bekäschtegen mee ech fannen dass dat et awer Wäert ass an och dëst Joer halen mir eisen Grillowend an beschter Erënnerung.

















SIMMS